



ofzeleenen. Ech sinn awer selbstverständlech bereet, an der Kommissioun déi Diskussioun do weiderzeféieren, esou wéi et och vun aneren Deputéierte gefrot ginn ass, och an der Kommissioun Etapp fir Etapp, wa mer iwwert de Pilotprojet ewech sinn, kucken, wat fir Richtlinne mer definitiv festsetzen, wa mer un engem Projet de loi och méi wäit geschafft hunn, fir och iwwert déi finanziell Regeln, déi Gesetzesregeln alleguerten, wa mer déi definéiert hunn, dann an der Kommissioun weider d'Diskussioun kënnen ze féieren.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Erzéiungsminister.

Mir géifen dann direkt zum Vott iwwert d'Motioun iwwergoen.

Vote sur la motion

De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

59 Participatiounen: 35-mol Neen, 3-mol Jo an 21 Abstentiounen. Domat ass d'Motioun net ugeholl.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Boffending, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany (par M. David Wagner) et David Wagner;

M. Gilles Roth.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Serge Wilmes), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marc Spautz), Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6811 iwwert d'Benotzung vun Informatiounen aus dem ëffentleche Secteur oder d'Erëmbenotzung vun esou Informatiounen. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den honorebelen Här André Bauler.

9. 6811 - Projet de loi modifiant la loi du 4 décembre 2007 sur la réutilisation des informations du secteur public

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, de la Communication et de l'Espace

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi alermeescht vun eis heibannen hu sech scho méi wéi eng Kéier iwwer staatlech Internetsäiten Informatioun verschafft, déi se entweder an hirem privaten oder an hirem berufleche Liewe gebraucht hunn. Ech denken do zum Beispill un de Geoportail, wou ee mat Liichtegkeet topografesch oder kadastral Donnéeën fënnt.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Deslescht huet eng vu menge Bekannten d'Kadasternummer vun hirem Haus gebraucht, fir vun der TVA logement ze profitéieren. Amplaz laang an de Classeuren ze sichen, ass si direkt iwwert dese Portail un déi gefrote Kadasternummer komm. Datselwecht gëllt fir de Portail des statistiques, wou ee ganz séier an op eng iwwersiichtlech Manéier all Zuelematerial iwwert d'Lëtzebuurger Wirtschaft, den Aarbechtsmaart, d'Bevëlkerung oder den Zoustand vun der Gesellschaft fënnt.

A wann ee sech en Iwwerbléck iwwert d'Wieder verschafe wëllt, da geet een op MeteLux. Iu luussen, wou een all Previsiounen fënnt. Och ënnerschiddlech Appen droen haut derzou bäi, datt een net fir all Informatioun den Telefon muss huelen, fir engem Beamten unzuerufen, fir esou en Detail gewuer ze ginn. Dat spuert jiddwerengem Zäit: der Verwaltung, dem Client oder dem Steuerzueler.

All dës Date stellen och e Wuesstumspotenzial duer, well se et privaten Ubidder erlaben, fir nei interaktiv Servicer an Inhalter unzebidden an esou zu der Entwécklung vun der digitaler Ekonomie bäizedroen.

Dëse Projet de loi setzt d'Direktiv 2013/37 an nationaalt Recht ëm. Et ass eng Richtlinn iwwert d'Reutilisation vun den Informatiounen aus dem ëffentleche Secteur, déi de 26. Juni 2013 am Europäesche Parlament ugeholl gouf. Dës Richtlinn ergäntz déi vum 17. November 2003, déi de generelle Prinzip iwwert d'Accessibilité an d'Neesbenotzung vun den Informatiounen op europäeschem Plang etabléiert hat.

D'Direktiv vun 2003 hat d'Konditiounen fixéiert, no deenen d'Informatiounen aus dem ëffentleche Secteur an der ganzer EU kéinte benotzt ginn. Si huet esou wëllen d'Barriären an deem Beräich ofbauen, déi verhënnere kéinten, de groussen europäesche Bannemaart an deem Beräich ze verwierklechen.

D'Direktiv vun 2003 huet d'Regel opgestallt, datt eng ganz Rei Donnéeën solle gratis oder bal gratis zur Verfügung gestallt ginn. Déi nei Direktiv vun 2013 vergréissert de Perimeter, andeems se och déi kulturell Institutuer abënn. Si dréit domadder der Entwécklung Rechnung, datt d'Opmaache vun den ëffentlechen Informatiounen net nëmmen op déi klassesch Verwaltung begrenzt soll sinn. Ech komme spéider nach eemol dorobber zrëck.

Madamm Presidentin, den ëffentleche Secteur erfaasst, erstellt, reproduzéiert a verbreet en extrem grouse Spektrum vun Informatiounen. Dës Informatiounen, sief et Kaarten, Satellitbilder, Gesetzestexte, Reglementer, Jurisprudenzen, Statistiken, Gesellschaftsregister, Donnéeën iwwer Stroossen, Brevet, d'Bevëlkerung, etc., déi stellen e Wuesstumspotenzial duer, an zwar an deem Mooss, wou aner Akteure capabel sinn, fir se ze benotzen, fir esou nei interaktiv Servicer an nei Inhalter mat engem Méiwäert ze proposéieren, souwuel fir d'Bierger wéi och fir d'Betriben. Dës dréit natierlech och zur Entwécklung vun der digitaler Wirtschaft bäi.

D'Zil vun der Direktiv ass et, datt grenziwwerschreidend Produkter an Déngschtleeschungen ugebuede ginn. Dat ass awer nëmme méiglech, wann d'Neesbenotzung vun Informatiounen an der Europäescher Unioun deeneselwechte Kritären ënnerläit.

D'Haaptännerung läit doranner, datt duerch dës nei Direktiv e regelrechten Droit de réutilisation agefouert gëtt. Dat heescht an anere Wieder, datt et elo net méi de Verwaltungen iwwerlooss ass, d'Informatioun zur Verfügung ze stellen oder net, mä d'Memberstate ginn derzou verflucht, alleguerten d'Informatiounen aus dem ëffentleche Secteur zougänglech ze maachen, soulaang se ënner d'Bestëmmungen vun dëser Direktiv falen.

Eng aner Neierung ass déi, datt an deem Gesetz och de Principe de gratuité verankert gëtt. Dat heescht also, datt d'Neesbenotzung vun den Informatiounen aus dem ëffentleche Secteur am Prinzip gratis ass. Wann allerdéngs eng Redevance gefrot ass, dierf déi net iwwert de Coût marginal, also d'Grenzkäschten, erausgoen. Dat heescht an anere Wieder: Wann de Benotzer elo zum Beispill Trafic- oder Meteorinformatiounen weider benotzt, dann dierf just de Méiopwand berechent ginn, deen dës Beaarbechtung mat sech bréngt, an net déi Fixkäschten, déi souwiesou ufalen, onofhängeg vun der Demande vum Notzer.

Déi aner Neierung besteet doranner, datt dës Direktiv de Perimeter vun der Neesbenotzung vun Informatiounen op Kulturinstitutionen, wéi zum Beispill Bibliothéiken, Muséien oder Archive vergréissert. Dat erkläert sech aus enger gradueller Entwécklung aus deene leschte Joren, aus där ersichtlech gouf, datt d'Opmaache vun den ëffentlechen Informatiounen net nëmmen déi reng administrativ Institutionen betrëfft.

Allerdéngs funktionnéieren déi kulturell Institutionen ënner engem licht anere Regimm. Wann déi kulturell Institutionen Besëtzer vun den intellektuelle Propriétéitsrechter sinn, kënnen d'Dokumenter just weiderbenotzt ginn, wann dat ausdrécklech geneemegt ass.

Wat d'Käschten ubelaangt, spillt hei och net de Principe de gratuité respektiv gëtt net onbedéngt d'Berechnungsmethod vun de sougenannte Coûts marginaux applizéiert. Hei ginn nach zwee zousätzlech Elementer berücksichtegt. Well et jo spezifesch ëm d'Erhale vun eisem Patrimoine geet, ginn hei och nach éischens d'Käschten fir d'Erhale vun den Donnéeën an zweetens d'Käschten, fir d'Rechter ze kafen, mat a Betruecht gezunn.

De Statsrot huet a sengem Avis vum 24. November 2015 ënnertrach, datt een dëse Gesetzesprojet mat deem vun enger transparenter an offener Verwaltung muss koordinéieren, datt

souwuel um Niveau vun der Terminologie wéi um Niveau vum Champ d'application, well déi zwee Projeten äänlech Thematiken ofdecken. Et läit och an eisen Aen op der Hand, datt dës Gesetz Hand an Hand mat deem vun der Administration transparente et ouverte, dat jo de 5. Mee d'lescht Joer déposéiert gouf, muss goen. An dofir schéngt et mir och evident ze sinn, datt béid Gesetzter wäerten openeen ofgestëmmt ginn.

Madamm Presidentin, de Statsrot huet eng Opposition formelle formuléiert. An zwar huet e verlaangt, datt um Niveau vum Artikel 6, dee jo d'Prinzip vun der Tarification behandelt, wat d'Notze vun den Informatiounen am ëffentleche Secteur ugeet, den Text muss vervollstännegt ginn. En huet dofir proposéiert, déi wesentlech Prinzipie vun der Tarification an d'Gesetz anzeschreiwen an d'Detailer an engem Reglement ze regelen.

D'Kommissioun huet den Textvorschlag vum Statsrot akzeptéiert an huet d'groussherzoglecht Reglement analyséiert, dat eis virgeluecht gouf, dat déi objektiv, transparent an novollzéibar Kritären, déi ee brauch, fir de Montant vun de Redevancen ze rechnen, fixéiert.

Wat den Artikel 6 da weider ugeet, esou huet de Statsrot verlaangt, datt dës un dat internt Lëtzebuurger Recht muss ugepasst ginn, an dat „sous peine d'opposition formelle“. Och hei huet d'Kommissioun déi Remarque ugeholl an huet de gefrotene Passus, „en vertu de la loi“, bäigefüügt.

De Statsrot hat d'Chamber dann och nach gebieden, dat franséisch Beispill ze suivéieren, dat de Prinzip vun der Gratuitéit verlaangt. De Statsrot prezisiéiert nämlech, datt an de meeschte Fäll d'Berechnen an d'Ophiewe vun der Redevance riskéieren e Käschtepunkt ervirzerufen, deen iwwert dem Montant vun der Redevance, déi opgehuewe gëtt, läit. De Statsrot gëtt nämlech ze bedenken, datt et méi opwendeg an deemno méi deier gëtt, wann een ausrechnen muss, wat déi genee Héicht vun de Käschten soll sinn.

Mir sinn eis bewosst, datt de Prinzip vun der Gratuitéit sech an de politesche Wille vun der Initiativ „Digital Lëtzebuerg“ aschreift a vum Portail „OpenData“. D'Gratuitéit begënschtegt d'Innovation an eng nei Notzung vun Informatiounen. An dofir ass den Text vun deem Gesetzesprojet op Urode vum Statsrot jo während de Kommissionsaarbechten och an deem Sënn ofgeännert ginn. An de Prinzip vun der Gratuitéit gouf dra verankert.

Wat de Paragraf 4 vum Artikel 6 ubelaangt, deen déi spezifesch Redevance fir Kulturinstitutionen applizéiert, esou hat de Statsrot eng Tarification virgeschloen, déi och op de marginale Käschte baséiert ass. D'Kommissioun huet awer decidéiert, dem Conseil d'Etat hei net ze follegen, well sech dat, wéi ech scho virdu gesot hat, guer net esou einfach ëmsetzen/verwierkleche léisst. D'Direktiv verlaangt dës jo och net, an dofir gëtt si an deem Projet fidèlement, also eent zu eent, ëmgesat.

Am Résumé: Et geet hei drëms, d'Reutilisation vun Informatiounen aus dem ëffentleche Secteur ze ënnerstëtzen an ze vereinfachen, andeems d'Bedéngungen an d'Modalitéiten vun dëser Neesbenotzung prezisiéiert an europawäit uniformiséiert ginn. Et geet hei ëm d'Formater, d'Lizenzen an d'Käschten vun den Informatiounen, déi zur Neesbenotzung zur Verfügung gestallt ginn, dës am Interessi vum Bierger, vun der Gesellschaft a vun der Ekonomie.

Dat gesot, drécken ech allen, déi derzou bäigedroen hunn, datt dës Projet et bis hei an de Plenum gepackt huet, meng Unerkennung fir hir Aarbecht a main Dank fir hir Beméiungen aus. Fir all aner weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

An ech bréngen natierlech och d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu deem Projet an ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Rapporteur, dem Här André Bauler. Als éischt ageschriwwen Riednerin hunn ech d'Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Diane Adehm** (CSV).- Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem André Bauler fir säin exzellenten a komplette Rapport, deen hien eis elo grad gemaach huet.

Bei deem Gesetzesprojet handelt et sech, wéi gesot, ëm d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv. Am Kader vun hire verschiddene Missiounen sammele vill Lëtzebuurger Verwaltungen Informatiounen a konservéieren dës Informatiounen. Heibäi handelt et sech ëm Informatiounen, déi ganz verschiddener Natur sinn. Esou ginn Informatiounen gesammelt

iwwert d'Ëmwelt, wéi zum Beispill Informatiounen iwwert d'Waasserqualitéit oder den Energieverbrauch. Et ginn Informatiounen gesammelt iwwert d'Bevëlkerung vun eisem Land, wéi zum Beispill den Alter, d'Ausbildung, d'Akommes oder de Beruff respektiv d'Aarbechtslosegkeet. Och Kadasterpläng, topografesch Kaarten an esou weider gi konservéiert.

Des Weidere ginn Informatiounen gesammelt am Beräich vun der ëffentlecher Gesondheet, wéi iwwert d'Pollen oder d'Iwwerwaachung vun der Gripp. Dës Lëscht kéint een nach laang weiderféieren. An all dës Informatiounen si wichteg Informatiounen, net nëmme fir de Lëtzebuurger Stat, och fir d'Privatwirtschaft sinn dës Informatiounen deelweis äusserst interessant.

Den Zougrëff op dës Informatiounen kann de Betriben hëllefen, fir Produiten an/oder Servicer ze entwéckelen, déi op dësen Informatiounen baséieren. De Gesetzesprojet vun haut regelt d'technesch Modalitéiten, fir genee dës Informatiounen ze benotzen, a komplettéiert domadder d'Gesetz vum 4. Dezember 2007 iwwert d'Benotze vun dësen Informatiounen.

Haut geet et ëm d'Tarification vun den Informatiounen, déi zur Verfügung gestallt ginn. Et geet ëm d'technescht Format, ënner deem d'Informatiounen bestinn, an et geet ëm d'Lizenzen.

Wa mir awer iwwert de Gesetzesprojet vun haut schwätzen, komme mir net derlaanscht, fir och iwwert de Gesetzesprojet 6810 iwwer eng Administration transparente et ouverte ze schwätzen. Souwuel de Statsrot wéi d'Chambre des Salariés weisen op den Zesammenhang hin, deen tëschent dësen zwee Texter besteet. Haut schwätze mir iwwert d'Modalitéiten vum Benotze vun Informatiounen, déi et bei de Verwaltungen schonns ginn an op déi een Zougrëff huet respektiv déi ee benotze kann. De Gesetzesprojet 6810 iwwer eng oppen an transparent Verwaltung regelt d'Bedéngungen vum Zougrëff op d'Informatiounen, déi d'ëffentlech Verwaltungen hunn.

De Statsrot stellt an deem Zesammenhang fest, dass dës zwee Texter Divergenzen hunn um Niveau vun der Terminologie a vum Champ d'application. Dowéinst seet de Statsrot och, dass de Gesetzestext, iwwert dee mir haut ofstëmmen, wahrscheinlech nach eng Kéier muss ëmgeännert ginn, wann de Gesetzesprojet 6810 iwwer eng oppen an transparent Verwaltung analyséiert gëtt.

Als CSV hätte mir et léiwer gehat, wann déi zwee Texter zesammen analyséiert gi wieren. Mir verstinn awer, dass et sech beim Text vun haut ëm d'Ëmsetze vun enger europäescher Direktiv handelt an dass Lëtzebuerg scho Verspéidung huet bei der Ëmsetzung vun dëser Direktiv.

Ofschléissend wëilt ech nach drop hiweisen, dass d'Digitalwirtschaft der CSV nach ëmmer besonnesch um Härz louch. D'CSV huet dës Potenzial scho fréi erkannt an dofir an der Vergaangenheet och d'Weechen an deene verschiddene Regierungen an dës Richtung gestallt. Wann haut hei am Land iwwer 90% vun de Stéit en Internetzugang hunn an d'Firme sech hei néierloosse wéinst eisem séieren Internet, dann ass dat mat Sécherheet och de Verdéngscht vun der CSV.

Dëse Gesetzesprojet ass e Plus fir d'Digitalwirtschaft hei am Land. An deem Sënn ginn ech heimadder den Accord vun der CSV-Fraktioun zu deem Projet a soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci der Madamm Adehm. Als nächst Riednerin hunn ech ageschriwwen: d'Madamm Tess Burton. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Tess Burton** (LSAP).- Merci! Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dann och fir d'Éischt dem Rapporteur, dem Änder, Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Eng vun de Stärken vu Lëtzebuerg, virun allem am Hibleck op d'Entwécklung vun eiser Ekonomie, sinn d'Infrastrukturen an d'Servicer, déi eist Land am Beräich vun den ICT, also den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien, etabléierten an och zukünftigen Entreprises an Investisseuren kann ubidden.

Dës Situatioun ass d'Resultat vu konsequenten Investissementen an de strategeschen Ausbau vun dëse Beräicher. D'Regierung wëllt am Sënn vun der wirtschaftlecher Diversifizéierung an domadder direkt verbonnen am Sënn vum Wuelstand vum Land a senge Bierger dës Sec-



teure weider stäerken a weiderentwéckelen an esou säin Image als modern, oppent an héich- vernetzt an digitaliséiert Land, als „smart nation“ verbessern.

Fir dëst Zil ze erreechen, huet d'Dräierkoalitioun am Hierscht 2014 d'Initiativ „Digital Lëtzebuerg“ an d'Liewe geruff. Am Kader vun dëser Initiativ sollen d'Akteuren aus dem öffentlechen, dem privaten an dem wëssenschaftlechen Secteur a spezifeschen Themeberäicher zesummebruecht ginn, fir dës mam gebündelten Know-how vun deenen eenzelne Partner praxisorientéiert a virun allem schnellstméiglech weiderzëntwéckelen.

E wichtegen an zentralen Aspect an dëser Zesummenaarbecht ass den Austausch vun Informatiounen. Ganz einfach ausgedréckt heescht dat, dass Informatiounen, déi deen een huet, deejéinegen deem anere muss weiderginn, fir dass dës mat sengem Wëssen oder sengen Techniken dës Informatiounen kann zu engem bessere Produkt oder Service weiderentwéckelen. Et geet also ëm d'Effektivitéit an d'Innovatioun duerch d'Zesummenaarbecht. Transparenz an Austausch spillen dobäi eng entscheidend Roll.

Op Neilëtzebuergesch heescht dat „OpenData“, wat esou vill bedeit wéi fräi Verfügbarkeet an Notzbarkeet vun Donnéeën am Interessi vun der Allgemengheet. Dës Donnéeë kënnen zum Beispill vu private Firme stamen oder awer vun Héichschoulen, Fernseh- a Radiosenderen oder och nach vun Asblen.

Ganz oft awer handelt et sech bei deenen nëtzelechen Informatiounen ëm öffentlech Informatiounen. Heibäi kann et sech zum Beispill ëm Donnéeën oder Kaarten aus Beräicher wéi dem Transport, dem Logement oder aus der Meteorologie handeln, fir nëmmen dës ze nennen.

E praktescht Beispill, wéi dat Ganzt ka funktionéieren, konnt ee virun emol net zwou Wochen um 8. bis den 10. Abrëll am Forum Geeseknappchen materliewen, op deem sougenannten „Hackathon“, dem éischten Event vun dëser Zort hei zu Lëtzebuerg, wou déi beschten europäesch Entwéckler sech zesummefonnt hunn, fir - esou den Challenge - eng Applikatioun, e Spill oder e Medium fir op e Webbrowser am Beräich Transport a Mobilitéit ze entwéckelen.

Extra zu dësem Zweck huet de responsabele Ministère d'Donnéeën zougänglech gemaach, déi fir d'Mobilitéit essenziell sinn, awer bis zu deem Abléck gespaart waren, wéi zum Beispill d'Infrastruktur vum öffentleche Verkéier, Fahrpläng, aktuell Busverspéidungen, Donnéeën iwwer Bike-sharing, Geodaten an esou weider. A genau fir dësen Zougang bezéiungsweis fir d'Reutilisatioun vun esou oder äänlechen öffentlechen Informatiounen ze encouragéieren an ze erliichteren, dorëm geet et an deem Projet de loi, iwwert dee mir hei ofstëmmen.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem Text hei setze mir eng entsprechend europäesch Direktiv aus dem Joer 2013, et ass hei scho gesot ginn, a Lëtzeburger Recht ëm.

Dës Direktiv huet ënner anerem als Zil, d'Konditiounen an d'Modalitéite vun enger viregter Direktiv aus dem Joer 2003 ze präziséieren. Dës leschtgenannten Direktiv, déi Lëtzebuerg per Gesetz vum 4. Dezember 2007 transposéiert huet, dréit den Numm PSI-Richtlinn, wat fir „reuse of public sector information“ steet. D'Iddi vun der Réutilisatioun vun Informatiounen war et 2003, Nodeeler a Saache Kompetitivitéit, déi europäesch Entreprisë par rapport zur amerikanescher Konkurrenz haten, auszegläichen.

Amerikanesch Entreprisë konnten hirersäits nämlech schonn deemools op en héich entwéckelte Réseau vun öffentlechen Informatiounen zréckgräifen. Deemools a vläicht haut nach méi stellen dës öffentlech Informatiounen (Kaarten, Satellitbillen, Gesetzter a Jurisprudenzen, Statistiken, Register vu Gesellschaften, Bevëlkerungszuelen, Patenter an esou weider) en enormt Wuesstumspotenzial duer, an der Mesure, dass aner net öffentlech Akteuren, wéi zum Beispill Entrepreneuren aus dem Informatiouns- a Kommunikatiounssektor oder Associatiounen, dës notze kënnen, fir nei interaktiv Services an nei Inhalter mat Méiwäert ze schafen, sougutt fir d'Bierger wéi fir d'Entrepreneuren, an esou zur Entwécklung vun der digitaler Wirtschaft bäize droen.

Awer och an aneren a priori méi, soe mer, klasesche Beräicher wéi dem Enseignement oder dem Tourismus kann dës Form vun Échange an Zesummenaarbecht zu innovativen Applikatiounen féieren.

D'Etüd vu McKinsey aus dem Joer 2013, déi weist, dass d'Reutilisatioun vun oppenen

Donnéeën d'Weltwirtschaft ganz staark kéint stimuléieren. Genau wéi déi spuenesch Etüd aus deemselwechte Joer, déi seet, dass d'Notzung vun öffentlechen Donnéeën zu kommerziellen Zwecker Aarbechtsplaze fir 10.000 Leit kéint schafen an e Geschäftsvolume vun 900 Milliounen Euro kéint duerstellen.

U Wichtigkeet huet dës Réutilisatioun do- duerch gewonnen, dass haut dräi Véirel vun der europäescher Bevëlkerung Zougang zum Internet hunn, während et virun zéng Joer just d'Halschent waren. Zu Lëtzebuerg sinn et souguer 93%, woumadder eist Land an der EU op der exzellenter zweeter Plaz, knapps hannert Holland mat 94%, läit.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Notze vun den öffentlechen Donnéeën ze vereinfachen, muss een den Accès zu dësen Donnéeën vereinfachen. E ganz wichtege Prinzip gëtt dowéinst och mat dësem Gesetz festgehalen, nämlech de Prinzip vun der Gratuitéit. Well d'Iddi vum „OpenData“ nëmme funktionéiert, wann d'Informatiounen schnell an eben och gratis zougänglech sinn, gëtt dës Prinzip zur Regel erkläert. Ausnamsweis kann eng Gebühr gefrot ginn. Dëst ass bei deenen öffentlechen Organismen de Fall, déi en Deel vun hirem Fonctionnement duerch eeg Recetten decke mussen. Dës Fraise mussen awer objektiv, transparent an nopräifbar sinn a ginn, wéi vum Statsrot a sengem Avis suggeréiert, par Règlement grand-ducal festgeluecht.

Aner Aarrichtungen, wéi zum Beispill Bibliothéiken, Muséëen an Archiven, déi d'Rechter op der Propriété intellectuelle besëtzen, kënnen, virausgesat d'Reutilisatioun vun den Dokumenter ass erlaabt, och a rechtliche Limitten eng Gebühr froen. Auer kulturell Etablissementer wéi d'Orchesteren, Operen, Balleten, Theatern dogéint sinn opgrond vun der Spezifisitéit vum Spectacle vivant ganz ausgeschloss.

Wichtig ze betounen ass schliisslech, meng Virriedner hunn et scho gemaach, dass dës Projet, deen op den existente Gesetzter opbaut an déi entsprechend Direktiv detailgetrei ëmsetzt, och zu enger dättelecher administrativer Vereinfachung wäert féieren.

Ech wëll dobäi drun erënneren, dass dat neit Gesetz sech op d'Reutilisatioun bezitt vun Donnéeën, wou den Accès erlaabt ass. Den Accès zu den öffentlechen Informatiounen selwer wäert an engem zweete Gesetz geregelt ginn, dat sech um Instanzwee befënn an dat op dat heite Gesetz, esou wéi vum Statsrot bemierkt, genau muss ofgestëmmt ginn.

An domadder soen ech lech, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, Merci fir d'Nolauschteren a ginn och heimat den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci der Madamm Burton. Als nächste Riedner schwätzt den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci, Madamm Presidentin, fir d'Wuert. Wéi mer d'Gesetz vum 7. Dezember 2007 iwwert d'Reutilisatioun vun den Informatiounen vum Secteur public gestëmmt haten, hate mer zwar eng aner Regierung an eng aner Koalitioun an en anere Rapporteur, mä d'Situatioun war awer eng äänlech: Mer haten nämlech och e Retard op eng europäesch Direktiv. Mer haten eschtlech risquéiert, zu enger Strof veruerteelt ze ginn. An äänlech wéi 2007 si mer och haut an der Situatioun, dass mer d'Gesetz vun der Réutilisatioun vun den Date virun dem Gesetz iwwert den Zougang zu den Date stëmmen.

2007 hat dat d'Kollegen zu enger Rei Biller inspiréiert. Den deemolege Rapporteur, den Här Thiel, hat gemengt, mer géifen einstweilen am Dréchene schwammen, well jo nach kee Waasser am Baseng wier. An den honorabelen deemolegen Député-maire vu Colmer-Bierg hat de Sport beméit a gesot, mer géife fir d'Éischt déi zweet Hallefzäit spillen an dann déi éischt, oder déi zweet Etapp fuere virun där éischter. Mer sinn der Meenung, dass dat net falsch ass, mengen awer, dass et och net onbedéngt wichtig ass. Haaptsaach, déi zwou Hallefzäite gi gespilt.

D'Gesetz iwwert den Accès zu den öffentlechen Informatiounen, dat ass schonn e puermol gesot ginn, de Projet de loi 6810, méi genau heescht en „Gesetz iwwer eng transparent an oppen Administratioun“, deen ass um Instanzwee an deen ass och esou wäit prett, fir dass en deemnächst och hei an der Chamber soll kënnen gestëmmt ginn. An deem Gesetz, do ginn d'Regele festgehalen, wéi dann den Accès zu den öffentlechen Dokumenter geregelt gëtt.

Mir si par rapport zu eisen Nopeschlänner hei hannendra mat eiser Legislatioun. Et ass awer och net esou, wéi wa mer guer keng Regeln

hätten, wat dësen Accès betrëfft. Ech erënneren zum Beispill un d'Legislatioun iwwert den Accès à l'information sur l'environnement, an et gëtt där nach eng Rei.

Haut ass et jo awer um Projet de loi 6811, an ech wëll dann och dem Rapporteur, dem honorabelen André Bauler, Merci soe fir säi wéi gewinnt ganz ausféierleche mëndlechen an och schrëffleche Rapport. Dat mécht et méi einfach, fir net mussen op alles anzegoen.

Mam Gesetz vun haut reagéiere mer op d'Direktiv 2013/37 a mer änneren d'Gesetz vun 2007. Déi Direktiv huet sech weiderentwéckelt. Et ass eng logesch Konsequenz vun der Weiderentwécklung vum ganzen digitale Marché. Ëmmerhi muss mer eis bewosst sinn, dass mer haut, wa mer vun engem digitale Marché schwätzen, vu ronn véier bis fënnf Milliarde schwätzen, déi op iergendeng Manéier Zougang hunn zu Internet. Et ass logesch, dass do d'Uspréich an d'Ufuerderungen anescht ginn.

Den Här Bauler ass och op d'Ännerungen agaan. Ech brauch just op déi zwou a mengen Ae wichtegst nach eng Kéier hinzewiesen. Éischtens, et ass eng Obligatioun fir all Memberstaten, all öffentlech Dokumenter fir eng Réutilisatioun zouloussen, an, zweetens, dass dat am Prinzip gratis ass. Och do ass de Rapporteur op déi néideg Ausnamen agaan.

Natierlech bleiwen och an Zukunft eng ganz Rei Dokumenter net öffentlech, wou et dann emol direkt zwee Gebidder gëtt, déi ausgeklammert sinn. Dat eent sinn déi perséinlech Daten. Selbstverständlech kënnen perséinlech Daten net als „open data“ behandelt ginn. An natierlech gëtt et och Daten, déi aus sécherheetspolitesche Grënn net öffentlech zougänglech ginn.

Mir hunn eis als Gréng ëmmer fir „OpenData“ agesat. Vum „OpenData“ schwätze mer, wann d'Date fräi zougänglech si fir jiddwereen, vu jiddwerengem kënnen genotzt oder gedeelt, dat heescht „geshared“ ginn. An nach eng Kéier, well et awer wichtig ass, dass mer dat auserneenhalen: Hei handelt et sech net ëm perséinlech Daten.

Den Exposé des motifs mécht ausdrécklech ee Lien zu dem „OpenData“, an d'Regierung huet sech och Instrumenter ginn, fir d'Reutilisatioun vun öffentlechen Informatiounen a fir „OpenData“ ze féerden, ganz am Geescht vun der EU-Direktiv, déi mer haut an d'national Legislatioun iwwerhuelen.

An effektiv, d'EU-Kommissioun huet gemengt, Lëtzebuerg kéint méi am Beräich „OpenData“ maachen. An enger rezenter Etüd huet d'Kommissioun festgehalen, dass mer an e puer Punkten extrem gutt dostinn, wat d'digital Entwécklung betrëfft, zum Beispill wat d'Konnektivitéit ugeet, och wat d'Notze vun eise Leit, dat heescht de Gebrauch vun den digitale Méiglechkeeten ugeet, an och souguer d'Kenntnis, ausser dass mer net genuch ausgebildete Spezialisten hunn.

Manner gutt sti mer awer do, wa gekuckt gëtt, wéi wäit d'digital Technologien am aldeegleche Business integréiert sinn. An och net gutt sti mer do, wa gekuckt gëtt, wéi d'digital Dimensioun vum öffentlechen Dëngscht ass. Do beleet mer de Rang 22 vun 28 an do stellt d'Kommissioun fest, Lëtzebuerg kéint méi maachen. An et gëtt gesot, dass Lëtzebuerg den Zougrëff zu Date besser kéint maachen, „improve the availability of open data“.

An eng vun den Initiative vun der Regierung ass den „Digital Lëtzebuerg“. „Digital Lëtzebuerg“ versteet sech als Ausdruck vun engem neien Image vu Lëtzebuerg. Lëtzebuerg ass e klengt Land, modern, oppen, héich vernetzt a fit fir eng digital Gesellschaft. Mir haten an de leschte Jore mat der Usiidlung an der Entwécklung vun innovativen Technologieunternehmen ee grouse Sprong no vir gemaach a ville Beräicher wéi dem „cloud computing“, der „big data“ oder dem elektronische Geschäftsverkéier.

A well d'Studien zum Beispill erginn hunn, dass d'Mobilitéit zu engem vun de Kärberäicher vum „OpenData“ gehéiert, war de Minister François Bausch dës Mount an ee Concours heizou involvéiert, e sougenannten „Hackathon“, dee vun „Digital Lëtzebuerg“ organiséiert gouf.

Wann ee wëllt d'Mobilitéit weiderentwéckelen, dann ass et wichtig, fir e fräien Zougang zu de Mobilitéitsdaten ze suergen. Dozou gehéieren d'Daten zu den Infrastrukture vum öffentleche Verkéier, Busfahrpläng a Buslinnen och an Echtzäit, Datestrukturen, wat d'Lokatioun vu Véloë betrëfft, a Geolokalisationsdaten.

A besonnesch an deem Beräich, wat d'Geolokalisationsdate betrëfft, sinn d'Méiglechkeeten onheemlech grouss. Ech hat d'Chance, fir d'Chamber am Januar op der 8. Joreskonferenz zu Bréssel vun der „European Space Policy“ deelzehuelen, genau wéi d'Madamm Hansen.

An et war scho ganz interessant, wéi eng Méiglechkeeten eis, an déi maachen engem net nëmme Freed, déi maachen engem och Suer- gen, mä wéi eng Méiglechkeeten trotzdem eis wäerte gi ginn duerch Programmer wéi „Galileo“.

An do gëtt och wierklech domat gerechent, dass dat en immens grouse Bäitrag zu der ekonomescher Entwécklung vun engem Land, och dann ebe vun eise Land ass. An et ass och logesch, dass déi Donnéeën, déi jo schonn eigentlech eng Kéier alleguerten iwwert d'öffentlech Hand finanzéiert sinn, dann och fräi zur Verfügung stinn, dass virun allem och kleng a mittel Entreprisë kënnen déi Daten notzen, fir hire Business am Intérêt vun de Leit ze maachen.

Et gëtt ganz vill Beräicher, an deenen oppen Date wäertvoll sinn. An et gëtt och vill Beräicher, wou se scho genotzt ginn. Et gëtt alerdéngs och nach Méiglechkeeten, do wäerte mer érischt an Zukunft gewuer ginn, wat nach alles dran ass.

Fir eis sinn oppen Date virun allem och wichtig, well se e Bäitrag sinn zur Transparenz an zur demokratescher Kontroll. Si sinn e Bäitrag zur Participatioun. Si kënnen dozou bäidroen, dass d'Bierger méi involvéiert ginn an och méi Connaissance kréien iwwert d'politesch Entwécklungen. Si droe bäi zu neie Produkten an zu enger Verbesserung vun Dëngschleeschungen am Privatsektor. Si sinn en Deel vun der Innovatioun. Si suerge fir eng besser Effizienz a Wierksamkeet vun den öffentleche Services.

Ech wollt dann och selbstverständlech zum Schluss den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

Erlaabt mer awer och nach un den Här Medie- minister vläicht einfach eng Fro, eng Feststellung, déi ech bei menge Recherche gemaach hunn. Ech hu festgestallt, dass et zum Beispill keng App gëtt „gouvernement.lu“, an ech fan- nen, dass dat eigentlech eppes ass, an den Zäite vun haut, wou mer eng Chamber-App hunn an eng App fir bal alles an ee flotten Internetsite „gouvernement.lu“, wou schéi regelméisseg ganz vill Informatiounen gi ginn. Et wier vläicht och eng Iddi, fir eng App an deem doten Zesummenhang ze maachen, da kéint een déi am Zuch fir an d'Chamber och liesen.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Claude Adam. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Madamm Presidentin. Wéi dat scho gesot ginn ass, wier et eenditeg besser gewiescht, dass dës Projet de loi zesumme mam anere Projet de loi iwwert d'transparent Administratioun diskutéiert an ofgestëmmt gi wier, well et jo eng Partie Saache gëtt, déi aneneen agräifen. Et ass net katastrophal, mä et ass relativ onglécklech och wéinst aner Punkten.

Ech mengen, ganz am Ufank waren awer eng ganz Partie Saachen, déi sinn nach kritiséiert gi vum Statsrot. An de Statsrot huet och eng Partie Verbesserungen u sech proposéiert, déi da gréisstendeels och iwwerholl gi sinn. Et ass net alles iwwerholl ginn.

An et gëtt awer nach Passagen, déi an eisen Aen nach relativ flou sinn, wou een net onbedéngt weess, ob eng gewësse Kloeerheet geschäfe gëtt, wat den Accès, wann een d'Demande mécht, zum Beispill och wat d'Délaien ugeet. Do ass eng Verbesserung natierlech komm, wou gesot gouf, et misst un délai «qui correspond au délai de réponse applicable aux demandes d'accès aux documents» sinn. Dat géif dann och nach festgeluecht ginn an deem nächste Projet de loi iwwert d'transparent Administratioun. Dat ass zum Beispill e Problem, wann een déi zwou Saachen nach net esou richtig kennt, wat dat esou richtig heescht. Well do wësse mer nach net esou richtig, wat dat heescht.

Mä et gëtt awer, mengen ech, aner Flouen och an deem Projet de loi, zum Beispill och justement wat déi Coûts marginaux ugeet. Dat heescht, de Coût marginal ass jo deen, dee seet, dass et just de Coût ass, wat d'Reproduktioun vun engem Dokument ugeet an dass net doriwwer eraus nach eng Recette gemaach soll ginn. Do gëtt et awer eng ganz Partie Ausnamen an dat ass an eisen Aen net ganz gutt.

D'Direktiv seet natierlech net, dass gewëssen Entitéiten, wéi verschidden Etablissementer, wéi Bibliothéiken an esou weider, missten ausgeklammert ginn. Mä trotzdem hu mer se do ausgeklammert. An ech weess net, ob dat ganz gutt geet. Et gëtt och nach aner Ausnamen, déi awer och e bësse problematesch sinn, zemoos wann een am Hannerkapp huet, dass och deen anere Gesetzesprojet nach an der Prozedur ass.



Et gëtt Ausnamen, wat d'Protection nationale ugeet, wat statistesch Donnéeën ugeet an och awer wat kommerziell Informatiounen ugeet. Dat ass natierlech eng relativ large Interpretatioun.

An ech wollt awer nach eng Kéier drun erënnere, datt mer elo... Mir hätten eng éischt Sëtzung, wou mer och an der Mediekommissioun iwwert dat Gesetz iwwer eng transparent Administratioun schonn en éischten Échange de vues hätten. Ech muss éierlech soen, ech hu kee gutt Gefill, wat dat Gesetz ugeet, wat souwisou quasiment eng Reprise ass vun engem Gesetzesprojet vun der vieregter Regierung, dee scho ganz staark kritiséiert gouf, souwuel vum Presserot wéi och vum Mouvement écologique. Well, deemno wéi een dat interpretéiert, mengen ech, wann dat Gesetz en l'état iwwert d'transparent Administratioun esou géif ugeholl ginn, dann, mengen ech, gëtt et deemno wéi méi schwéier, fir un Dokumenter ze komme wéi elo iwwerhaapt. Mä mir wäerten nach d'Geleeënheet kréien, fir dorivwer en long et en large ze diskutéieren.

Ech hunn och virgeschloen, datt mer de Presserot an de Mouvement écologique oder vläicht och nach anerer gesinn als Kommissioun. Dat war anscheinend schonn ze vill audaciéis. Ech mengen, hei zu Lëtzebuerg si mer dat nach net esou richtig gewinnt, fir e bëssen transparent ze diskutéieren, wann et ëm d'Transparenz soll goen. Dofir maachen ech nach en Appell, fir datt mer an déi Richtung ginn.

Souwisou, prinzipiell, mir erliewen zurzäit... Ech hunn datt Wuert „Transparenz“ net onbedéngt gär, ech schwätze léiwer vun demokrateschem Accès. Et muss net alles... Wann ee vun Transparenz schwätzt, dann huet een den Androck, datt een alles misst permanent dohinnerleeën. Neen, wat wichteg ass, dat ass, datt d'Bierger kënnen en Accès hunn op e Maximum vun Informatiounen, well et och d'intérêt général ass.

An och natierlech d'Press, well ech kann lech soen, et ass schonn net evident hautdesdaags. Et si vill Beamten - wann ee selwer Journalist war, weess een dat -, déi heiansdo souguer Angscht hunn, souguer fir eng Donnée ze ginn, déi emol guer net wichteg ass. Anerer si ganz large. Also et ass e bësse plus ou moins esou, et hänkt vum Charakter of. Mä wann een dat duerno esou large aschränkt, da gëtt et nach méi komplizéiert.

Mä de Problem ass och, datt mer hautdesdaags... Ech erënnere drun, am Europaparlament gouf viru Kuerzem och nach esou eng ganz komesch Direktiv ugeholl vu fënnf vu sechs Europadeputéierten - deen Eenzegen, deen dergéint gestëmmt huet, war de Claude Turmes - iwwert de Secret des affaires, deen et och nach méi schwéier mécht, deen u sech Multinationaler protégéiert vis-à-vis vun der Press a vun der Société civile.

Also virdrun huet den Här Roth vun Transparenz geschwat. E sot, dat wier ee vun de Wäerter vun eiser Gesellschaft. A leschter Zäit héiert een immens vill vu Wäerter schwätzen hei zu Lëtzebuerg, fir de Verbuet vu Burkaen ze justifiéieren.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Ech gesinn awer aner vermummte Steierflüchtlingen, déi eendeiteg méi eis Gesellschafte schiedegen,...

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Très bien!

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- ...déi ginn awer eendeiteg besser protégéiert.

An ech géif och nach, en ass leider net do, ech profitéieren nach, ech hu vill Zäit, wann den Här Aarbechtsminister wierklech eppes wëllt maache fir d'Fraen, a mir ënnerstëtzen hien derbäi: Et gëtt iwwer 8.000 Botzfraen, déi an engem Aarbechskampf sinn. Si gi wéi Dreck behandelt vum Patronat vun de Botzfirmer, déi richteg Sklavenhalter sinn! Dat muss een emol eng Kéier och soen. Et huet näischt domat ze dinn, mä ech profitéieren dovunner.

Wann e wierklech sech Suerge mécht ëm d'Fraen, ëm aarm Fraen, ëm Fraen, déi meeschtens och kee Wahlrecht hunn, da kann en eng Kéier do vläicht upaken. Well et ass ëmmer einfach natierlech, fir op quasi inexistent Minoritéiten ze klappen. Fir géint d'groust Patronat ze goen, ass e bësse méi schwéier!

Ech soen lech Merci. Mir wäerten eis awer bei deem Projet de loi enthalen.

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Ganz gutt!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo de Premier- a Statsminister, den Här Xavier Bettel.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, ech mengen, ech brauch wierklech net méi op den Detail anzegoen. Dem Rappor-

teur, dem André Bauler, wëll ech Merci soe fir dee prezisen a komplette Rapport an ech mengen, dass déi meescht Riedner och op déi verschidde Punkten agaange sinn.

Hei geet et jo och ëm eng Transpositioun vun enger Direktiv. Esou wéi den Här Wagner d'Fro gestallt huet, firwat mer net gewaart hunn: Mir hu scho Retard bei der Transpositioun vun der Direktiv, an dowéinst ass et och wichteg, dass déi och ëmgësat gëtt. Et ergänzt am Fong d'Gesetz vun 2007, wat mer scho gestëmmt hatten, iwwert d'Reutilisatiounen.

Ech wëll och soen, dass deen Text, esou wéi en erakomm ass an esou wéi en och elo hei awer am Plenum gestëmmt gëtt, op verschidde Punkte ganz wichteg Ännerunge kritt huet, déi ech wëll ënnersträichen. Do ass zum Beispill dee vun der Gratuitéit. Ech sinn der Meenung, dass Donnéeën, déi duerch (veuillez lire: op) Statskäschten entstane sinn, och dem Bierger gehéieren. Déi gehéieren dem Land a sollen deemno och gratis zur Verfügung gestallt ginn.

Ech wollt just e Lien och maachen, well dat Ganzt och en Deel vun eiser Approche vun „Digital Lëtzebuerg“ ass. Dir wësst, dass d'Regierung och dëst Gesetz als Ustouss geholl huet, fir den „OpenData“ hei am Land och ze fërderen an och ze entwéckelen.

Eng kleng motivéiert Équipe, zesummegestallt am CTIE, an d'Leit vum Géoportail hunn et fäerdegbruecht näamlech, a ganz, ganz kuerzer Zäit och en „OpenData“-Portail op d'Been ze setzen, deen et de Bierger am Fong erméiglecht, all Moment déi verschidden Donnéeën, déi de Stat och en temps réel huet, kënnen opzeruffen. Dese Site ass nach actuellement an der Entwicklungsphas, gëtt awer schonn intensiv benotzt an en huet scho voll motivéiert Programmierer, déi dorun nach weider schaffen, fir dës Donnéeën och weider an Appen ze benotzen.

Wann Der op de Site gitt, well „OpenData“ gëtt et jo schonn... Wann ee kucke geet, do fënnt een och scho verschidden Appen, mä, wéi gesot, déi nach an der Ausschaff sinn. Den Här Adam huet och eng Propos gemaach, fir e Site „OpenData“... also pardon, eng App - eng App! - vun der Regierung ze maachen. Ech mengen, dass dat och eng Iddi ass. Why not? Mir hunn déi verschidde Sitte vun der Regierung, an et wier vläicht net schlecht, och eng App ze hunn, wou een da vläicht all déi verschidde Saache ka matenee kucken. Dat ass haut méi trendy wéi einfach e www.gouvernement.lu. Ech ginn dee Message och nach weider.

An, Här President, selbstverständlech ass et och wichteg, wa mer vun „OpenData“ schwätzen, dass d'Chamber ee vun de Partner ka ginn elo och vun deem „OpenData“ an dass mer och zesummen un engem Projet, dass och déi Daten, déi hei benotzt ginn, éffentlech da kënnen gemaach ginn.

Wéi gesot, ech soen hei Merci fir déi breet Zoustëmmung an deem dote Kontext. D'digital Welt ass eng Realitéit. Mir wëssen, dass mer och gemooss ginn op d'Accessibilitéit vun Infoen. Hei sinn Infoen, déi d'Leit all Dag kënnen interesséieren. An am Fong, wou mer och den Hackathon d'lescht Woch jo organiséiert hatten, wou eng ganz Rëtsch vu Leit hei waren, déi och während deene Stonnen, wou se hei waren, u Programmer geschafft hunn, a mir hunn do och ganz positiv Resultater kritt.

Ech si frou, Premierminister vun engem Land ze sinn, dat ee kann als „digital nation“ bezeichnen, dat heescht eng Natioun, déi sech och ugepasst huet un d'Modernitéit an déi net gewaart huet, bis se vun deenen anere gesot kritt huet, wéi se et soll maachen, mä déi och selwer Schrëtt geholl huet. An heiansdo muss een als klengt Land ebe méi performant si wéi aner Länner. Jo, well digital sinn, ass eng Realitéit. Mir sinn haut eent vun deene Länner mat där engster Konzentratioun vun „Tier IV“, dat si mat déi sécherst Data-Zentren an deser Welt. A gleeft mer et, verschidde Betriber géifen net op Lëtzebuerg kommen, wann ebe just och net an dës Infrastrukturen investéiert gi wier!

Duerfir, ech freeë mech, wann eng Zoustëmmung bei esou engem Projet ass. Mir stinn als Regierung fir déi horizontal Kompetenz vum deem „Digital Lëtzebuerg“, vun där digitaler Versioun vu Lëtzebuerg mat de Programmer, mat den Entrepreneuren, mat deene verschiddene Punkten, déi hautdesdaags wäit iwwert den Internet ginn. Well wann ee vu FinTeche schwätzt, zum Beispill, dat ass et och eng Realitéit. An et muss een eben och kucken, fir do Virreider ze sinn, fir eben den Zuch net ze verpassen.

Den Zuch vun der digitaler Welt ass een, wou Europa, Här President, leider - a leider muss ech dat agesinn - vill Verspéidung huet. Mir hunn an deem dote Kontext vill Retard hei. Et ass traureg, dass an Europa ganz vill Leit eben, wa se wëllen an der Programmation oder am IT-Bereich Succès hunn, an Amerika oder an

Asien ginn, well se do e Marché hu vu 500 Millioun Leit, a se bei eis ganz oft 28 verschidde Reglementatiounen hu fir e Marché vu 500 Millioun Leit.

Dowéinst sinn ech frou, wann hei eng grouss Zoustëmmung ass, well dat seet eis, dass mer mat „Digital Lëtzebuerg“ um richtege Wee sinn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Stats- a Medieminister. An ech géif dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6811 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6811 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo gläich erivwer.

57-mol Jo, zwou Abstentiounen. Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aderm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Sylvie Andrich-Duval), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméisseg Vott ze ginn?

(Assentiment)

Jo! Dann ass dat esou décidéiert. Merci.

A mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, de Projet de loi 6947. De Projet de loi ass en Accord, fir eng Juridiction unifiée du brevet hierzustellen. Rapportrice ass d'Madamm Claudia Dall'Agnol, déi eis elo gläich seet, wat sech hannert deem Projet verstoppt.

10. 6947 - Projet de loi portant approbation du Protocole sur l'application provisoire de l'Accord relatif à une juridiction unifiée du brevet, signé à Luxembourg, le 1^{er} octobre 2015

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP), *rapportrice*.- Wann ech dat Wuert dann esou oft, wéi et hei a menger Ried steet, richteg erauskréien, Här President, da wäert ech dat sécherlech maachen.

Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei deemem Projet de loi geet et, wéi de President richteg sot, ëm e Protokoll, deen eng provisorisch Applikatioun garantéiere soll vum Accord iwwer eng eenheetlech Juridiction fir Breveten, deen den 19. Februar 2013 zu Bréissel ënnerschriwwen ginn ass, an zwar vu 25 Länner vun der Europäescher Unioun.

Wéi Der lech sécherlech nach kënnt erënnere, hu mer d'Gesetz heizou zimlech genau virun engem Joer, näamlech den 18. März 2015, hei an der Chamber gestëmmt gehat.

Dee Protokoll, ëm deen et elo hei bei deemem Vott haut de Mëtteg geet, gouf den 1. Oktober 2015 och hei zu Lëtzebuerg ënnerschriwwen. Eisen Ausseminister, de Jean Asselborn, huet de Projet de loi dozou de 17. Februar 2016 hei an der Chamber déposéiert. D'aussepolitescher Kommissioun huet mech an hirer Reunioun vum 21. März datselwecht Joer zur Rapportrice vum Projet de loi genannt. A mir kruten de Projet och direkt an darselwechter Reunioun virgestallt.

De Conseil d'État huet säin Avis den 8. März zu deemem Projet de loi ginn, ouni awer eng speziell Bemierkung dozou ze maachen. A mäi

schréffleche Rapport gouf du schlussendlech an der aussepolitescher Kommissioun vum 11. Abrëll ugeholl. Esou vill zum administrativen Deel vun deemem Projet de loi.

Den 18. März d'lescht Joer beim Vott vum Gesetz deemools hunn ech lech erkläert, dass d'Gesetz am Zesummenhang ze gesinn ass mat de laangjäregem Beméiungen an der Europäescher Unioun, fir e Brevet communautaire ze schafen, deen nieft deem klasseschen europäesche Brevet op Basis vun der Münchener Konventioun sur le brevet européen vun 1973 bestoe sollt.

Et ass drëms gaangen, fir e Brevet ze schafen, deen net d'Nodeeler vun deem klassesche Brevet européen huet. Dee klassesche Brevet kann een zwar zentral fir verschidde Länner beim europäesche Patentamt ufroen, mä en entsprécht am Endeffekt nëmmen engem Ensembl vum nationale Breveten.

D'Prozedur, déi ass och relativ deier a relativ opweneg, notamment duerch déi gefuerdert Iwwersetzungen. An am Fall, wou an e puer Länner géint de Brevet verstouss gëtt, musse juristesche Schrëtt an all deene betraffene Länner geholl ginn, wat och erëm mat vill Opwand verbonnen ass an domadder natierlech erëm eng Kéier deier gëtt.

D'Aarbechten um Brevet communautaire, deen déi grad beschriwwenen Nodeeler behiewe soll, si Jorzéngte gelaf, bis dann dunn eben en Duerchbroch gelongen ass an iwwert de Wee vun der Coopération renforcée de Brevet unitaire konnt geschafe ginn.

Am September 2015 huet sech Italien, dat ursprénglech zesumme mat Spuenien géint d'Afféiere vun deemem neie Brevet war, dëst haaptsächlech weinst Froe ronderëm d'Iwwersetzungen, décidéiert, dass si sech deemem Projet och elo wëelten unsléissen. Dëst wäert deen neie Brevet natierlech méi attraktiv maachen, vu dass Italien haut déi véierthéchst Zuel a Patentumeldungen huet.

Et läit op der Hand: Wa mer e Brevet à effet unitaire hunn, deen a 26 Länner wirksam ass, da brauch een och eng eenheetlech Gerichtsbarkeit. Esou kënnen da Verstéiss géint dee Brevet an enger eenzeger Gerichtsprozedur behandelt ginn. An d'Décisioun vum där Juridiction sinn direkt wirksam an alle concernéierte Länner.

Dës Juridiction wäert an Zukunft souwuel zoustänneg si fir d'Litigé betreffend de Brevet européen à effet unitaire wéi och fir déi klassesch europäesch Breveten. D'Juridiction besteet aus engem Tribunal de première instance an enger Cour d'appel an engem Greffe, déi hei zu Lëtzebuerg implantéiert wäerte sinn.

Den Tribunal de première instance besteet dann erëm aus enger zentraler Divisioun mat Sëtz zu Paräis a Sektionen zu München a London an aus regionalen oder lokalen Divisiounen. Lokal oder regional Divisiounen ginn op Demande vun de State gegrënnt.

Lëtzebuerg huet net vir, eng lokal Divisioun ze schafen, well et hei praktesch keng Litigen am Zesummenhang mat Brevete gëtt. Dat bedeit konkret, dass am Fall vu Lëtzebuerg déi zentral Divisioun an éischter Instanz zoustänneg ass.

E Centre de médiation et d'arbitrage ass zu Ljubljana an zu Lissabon virgesinn. An e Centre de formation, deen ass schonn zu Budapest ageweit ginn.

D'Juridiction ass eng gemeinsam Juridiction fir d'Staten, déi bei der Kooperatioun matmaachen. Si ass en integrale Bestanddeel vum juristesche System vun dese Staten an och vum juristesche System vun der Europäescher Unioun, och wa se duerch en internationalen Accord geschafe ginn ass.

D'Juridiction huet d'Obligation, d'Unionsrecht ze applizéieren an och ze respektéieren, a si soll wéi och all aner national Gerichtsbarkeete mat der Cour de justice vun der Unioun kooperéieren, andeems se där hir Jurisprudenz applizéiert a se - wann néideg natierlech - mat Questions préjudicielles befaasst.

Schonn ganz am Ufank vun den Négociatiounen huet eis Regierung sech staark derfir agesat, dass d'Cour d'appel an de Greffe vun där neier Juridiction sollen op Lëtzebuerg kommen, an dat ass jo och gelongen. Dës Implantatioun ass sécher eng gutt Saach fir Lëtzebuerg als Standuert vun europäeschen an och internationale Gerichtsbarkeeten. Derbäi kënnt, dass Aarbechtsplaze geschaaft ginn, an et gëtt sech sécherlech och erwaart, dass eng Rei vun Affekoten- a Conseilsbüroe sech bei eis etabléiere wäerten.